



Dippech, den 18. Februar 2019

RTL Télé

Här Chefredakter Guy WEBER

guy.weber@rtl.lu

N./réf.: COMM-RTL-2019-1

Objet: Stellungnam zu ärem Reportage iwwert de Contournement Dippech vum 16. Februar 2019

Här Weber,

E Samschdeg 16. Februar 2019 huet äre Sender (RTL) am Journal e Reportage iwwert de Contournement Dippech diffuséiert wou niest dem Minister François BAUSCH och d'Buergermeeschtesch vun der Gemeng Dippech Manon BEI-ROLLER souwéi de Schäffen Max HAHN zu Wuert komm sinn.

Als Biergerinitiativ Gemeng Dippech a.s.b.l. si mir ganz iwwerrascht iwwert ären eesäitegen Reportage a bedauern, dass mir nees eng Kéier bei dësem wichtege Sujet net zur Wuert komm sinn op ärer Antenne.

Während Joerzénge kréien d'Awunner aus der Gemeng Dippech e Contournement versprach ouni dass bis haut iwwerhaupt mol e Projet virleit deen direkt ëmgesat kéint ginn.

Déi uewegenannten Lokalpolitiker verträischten d'Leit zanter Joren a probéieren sech sou vu Legislaturperiod zu Legislaturperiod ze retten.

Dir schreift op ärem Internetsite: *"Dippech brauch e Contournement. Zënter enger hallwer Éiwegkeet verlaangen d'Gemengeresponsabel vun Dippech e Contournement"*.

Dass déi Gemengeresponsabel e Contournement verlaangen ass eng Saach. Ausser grouse Rieden an Interviewen maache si awer zanter Joren näischt fir de Projet konkret virunzedreiwen. An do ass de Problem. Et geet nämlech em politesch Responsabilitéit.

Dëst war och de Grond dofir, dass sech kuerzfristeg virun de Gemengewahlen 2017 eng Biergerinitiativ gegrënnt huet mam kloren Ziel, den Dossier vum Contournement Dippech virunzedreiwen. Bis ee Mount virun de Gemengewahlen hat nämlech keng vun de Parteien am Schäfferot (LSAP-DP) e Wuert iwwert de Contournement verluer an et ass eréischt nodeems d'Biergerinitiativ hier Lëscht bis deposéiert hat, dass iwwerhaupt iwwert de Contournement geschwat ginn ass.

Haut ass d'Biergerinitiativ mat zwee Leit am Gemengerot zu Dippech vertraueden. Mat Hëllef vun der geschriwwener Press hu mir et fäerdeg bruecht, dass de Sujet vum "Contournement Dippech" och am Virfeld vun de Chamberwahlen nees thematiséiert gouf. An dëst fir op d'Drénglechkeet vum Contournement opmierksam ze maachen

Et ass dofir och net verwonnerlech, dass d'Regierung de Projet vun der Prioritéitelëscht 3 op d'Prioritéitelëscht 2 gestuift huet. Mee domat eleng geet et net duer. D'Zäit leeft fort!

An ärem Reportage kënt nämlech d'Impressioun op, wéi wann d'Realisatioun vum Contournement Dippech just eng Fro vun der Zäit wär an een nëmmen nach eng Variant (Süd oder Nord) bräicht erauszesichen. Dëst ass awer net de Fall.

Fakt ass, dass den zukünftigen Contournement vu Käerjeng, deem 2018 an der Chamber gestëmmt gouf, en Zoufloss vum Trafic wäert mat sech bréngen soudass eis Gemeng, déi haut schonn vum Trafic iwwerlaascht ass, an Zukunft nach méi belaascht wäert ginn.

Wat d'Zuelen betrëfft, sou stëmmen eis Chifferen net mat ären iwwerteneen.

Contrairement zu Dippech huet d'Gemeng Käerjeng selwer vill Viraarbecht gelescht fir eng Variant auszeschaffen an de Projet op den Instanzewee ze bréngen.

An ärem Reportage iwwer Dippech goufen zou Varianten gewisen (Süd an Nord). De Plang vun der Südvariant ass 10 Joer al an haut tel quel net méi ëmsetzbar. E genaue Plang vun enger Nordvariant gëtt et net.

Fakt ass och, dass bis haut net nëmmen net gewosst ass wou de Contournement Dippech soll hikommen, mee et gouf mol nach net mat den respektive Proprietären geschwat fir ze wëssen op déi iwwerhaapt interesséiert sinn fir hier Terrainen ze verkafen. An anere Wieder: Déi Gemengeresponsabel vun Dippech hunn zanter Joren null Viraarbecht gelescht. Et feelt um néidege politesche Courage fir sech kloer an daitlech ze positionéieren.

Eng Südvariant kéint méi séier ëmgesat ginn, géif awer eis Gemeng an Zweek splécken well eis Dierfer (Betten, Dippech, Schuller a Sprénkeng) doduerch getrennt ginn. Eng Nordvariant hätt manner negativ Impakter op eis Gemeng, mee sou eng Variant misst fir d'éischt mol ausgeschafft ginn a géif natierlech méi Zäit verlaangen.


Mir sinn also, wat d'Varianten ugeet, zanter zéng Joer am Statu quo. Näischt huet sech geännert.

Et ass dofir irresponsabel vu Säiten vun der Buergermeeschtesch den Datum vun 2020 ze nennen wou se genau weess, dass den Dossier vum Contournement quasi eidel ass an ee vu vir muss ufänken.

Während de Minister BAUSCH op ärem Mikro seet, dass d'Prozedur, déi eréischt 2030 virgesinn war ëm 5-6-7 Joer no vir gezunn gëtt (fréistens 2023!), behaupt d'Buergermeeschter awer, dass et 2020 scho lass geet. Dëst ass net nëmmen kontradiktoresch mee et ass eng bewossten Desinformatioun vun de Bierger wat mir als Biergerinitiativ denoncéieren.

Mir bedauern dofir, dass äre Reportage eis et net erlaabt huet fir dës wichteg Elementer kloer ze stellen.

Mat beschte Gréiss.

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'Schaul', with a long horizontal stroke extending to the right and a vertical line intersecting it.

Sven SCHAUL
President vun der Biergerinitiativ